

Titre

Mir hunn d'Léisung vum Problem „Abordabel Wunnen“ :

Kommt mir trauen eis elo.

Annonce

En intelligent Erweidere vum Bauperimeter duerch en ëffentleche Buedemfong no éisträicheschem Virbild .

Wann d'Deele vum Buedem net duerchgesat gëtt, blockéiere mir eisen aktuelle Wirtschaftsmodell.

Vum **Pierre HURT**, directeur de l'Ordre des Architectes et des Ingénieurs-Conseils

(oai.lu)

Texte

Mir hunn d'Léisung vum Problem „Abordabel Wunnen“ :

Kommt mir trauen eis elo.

De reng spekulativen Ëmgang mat der Ressource Buedem huet d'Grondstéckpräisser an d'Héicht gedriwwen an d'Wunnengsnout stänneg verschäerft.

Nom Motto: „Firwat bauen, wann Näischtmaachen um Terrain méi Rendit bréngt?“

Mir brauchen elo en Instrument dat eng fundamental Ännerung mat sech bréngt: e groussen Deel vum Bauland muss am Sënn vun der Allgemengheet mobiliséiert gin, well nëmmen néng Prozent sinn an ëffentlecher Hand.

Mat dem Buedem - en Allgemenggutt wéi Waasser a Loft - gëllt richteg ëmzegoen.

Den Pacte Logement 2.0 kann villäicht een Deel vum Problem léisen, awer nëmmen laangfristeg. Och déi zukënfteg Baulandvertrëg gi net wäit genuch fir de Wansinn um Immobiliemaart ze stoppen.

International Best-Practice-Beispiller weisen d'Weeër aus der Wunnengskris – wann d'Politik dozou bereet ass.

Eisterräich huet an dësem Kontext eng gutt Léisung.

Si baséiert um Modell vun engem ëffentleche Buedenfong den eng intelligent Erweiterung vum Bauperimeter erlaabt: D'Gemengen oder de Stat kafen oder tausche Grondstécker, déi nei an de Perimeter opgeholl ginn – an dëst fir de Präis den déi Flächen an dem Moment als net Bauland wäert sinn.

Des Proprietären hunn awer d'Garantie dat hir Terrainen ëmmer am Besëtz vun der ëffentlecher Hand bleiwen a net zu Spekulationszwecker mëssbraucht ginn.

Déi Aspierungen bei den Grondstéckspräiser kënnen fir d'Finanzéierung vun héichwäertegem a bezuelbarem Wunnraum genotzt ginn. Qualitativ Wunnen ass a Recht fir ons all, an erlabt a gutt Zesammenliewen.

Ausserdeem ginn domat och d'Proprietäre vun Grondstécker am Perimeter encouragéieren hiren Terrain ze viabiliséieren.

Eng éischt juristesche Etude weist : den éisträichesche Modell ass mat der lëtzebuergescher Verfassung am Aklang duerch en entsprechent Gesetz.

Geschitt elo näischt, da muss eise Gesellschaftsmodell iwwerduecht ginn.

Wann d'Deele vum Buedem net duerchgesat gëtt, blockéiere mir eisen aktuelle Wirtschaftsmodell.

Soss kënnen mer eis der Wuesstemsdiskussioun net méi entzéien, vläicht eng gutt a noutwenneg Alternativ als Reaktioun op d'Klimakris.

Kommt an diskutéiert mat eis op der Table Ronde « Les Communes et le logement abordable » den 21 Abrëll, all Info enner oai.lu: Dir huet och nach Ideen, a Pacte Logement mam Privatsektor, méi einfach a séier Prozeduren...

Pierre Hurt